PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 03/11/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.

Säit dem 30.10 kontrolléiert d'Police déi vun der Regierung gefroten Ausgangsspär. Jiddereen den zu Fouss, mam Velo oder mam Auto tëscht 23 Auer owes a 6 Auer moies ënnerwee ass, ka vun enger Police Patrullen ugehale ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi eng Donnéeë ginn am Kader vun esou enger Kontroll festgehalen a gespäichert?
2. Wéi vill Avertissements taxés si bis elo wéinst Verstéiss vun der Ausgangsspär gesprach ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député